



De Koschter freet sech, dass d’Kulturministesch anscheinend vu sech aus d’Schlass op de Siwebue-
ren, dat d’Famill Boch am 19. Joerhonnert gebaut
hat, mat engem ale Produktiounsgebai ënnert
Denkmalschutz gestallt huet (*Luxemburger Wort*,
31.12.2010).

Et ass bekannt, dass d’Firma Villeroy & Boch
jo hiert Wierk zu Lëtzebuerg no bal 250 Joer net
zougemaach huet, well et net méi rentabel gewiescht
wier, mä well se sech méi Gewënn versprach hunn,
wa se di ganz Terrainen tëscht Rollengergronn a
Millebaach géife fir Wunn- a kommerziell Zwecker
notzen statt als Fabrik.

Lo huet d’Stad Lëtzebuerg et an der Hand fir hinnen
e Strech duerch déi onsozial Rechnung ze maachen.

1766 kruten d’Gebriedder Boch nämlech vun der
Stad den Haff „Folie Grégoire“ mat allem Ëmgeréits géint e Loyer vun 200
Gulden d’Joer op éiweg zur Verfügung gestallt (Fr.-X. Würth-Paquet/N. Van
Werveke, *Cartulaire ou recueil de documents politiques et administratifs de la
ville de Luxembourg. De 1244 à 1795*, = PSH 35/1, Luxembourg 1881, Nr.
CLXXX, S. 30-363).

Deen Akt ass nach ëmmer gültig a beweist, dass d’Stad an net d’Firma Pro-
priétaire vum Site ass. Et ass also un hir fir en ze valoriséieren. Si kann en also
vum ‚Locataire‘ zrëckfuere, well en elo fir en aneren Zweck gebraucht soll
ginn, wéi am Ufank ofgemaach. Am Kontrakt steet: « Ils ne pourront vendre,
engager, céder ou autrement aliéner ou se dessaisir de la dite maison et biens
avec les dépendances, à peine qu’ils seront déchus dès maintenant pour lors
de leur bail... » (§ 13). A wann déi lescht Joren de Loyer vun 200 Gulde net
bezueelt gouf, kann d’Stad d’Gebaier konfisqueiere loossen, wéi am Kontrakt
vu 1766 ausdrécklech virgesinn ass (§ 17).

Vläicht iwwerleet d’Entreprise sech et da nach eng Kéier an hält d’Produktioun
erëm op. ♦